N°3237
Entrée le 25.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Den Trafic op der Péitenger Collectrice (Avenue de l'Europe; N31) hëlt zënter Joren zou a belaascht d'Liewensqualitéit vu ville Mënschen an de Kordallgemengen am Süde vum Land. An engem Artikel vum 21ten November op RTL.LU schwätzt de Péitenger Buergermeeschter dovunner, dass et logesch wier, fir den Deel vun der Péitenger Collectrice N31 op véier Spueren auszebauen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wéini wäert d'Péitenger Collectrice op 4 Spueren ausgebaut ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés